# Suergepoppen

## Léif Elteren, Léif Kanner

Gefiller gehéieren zu eis Mënschen, an datt mir och mol Gefiller vun Angscht hunn ass ganz normal a verständlech.

Ech ginn Iech hei e puer Tipps, wéi dir mat äre Kanner doheem kënnt eng Popp, resp eng Suergepopp man. Dëser Popp kann en all séng Suerge verzielen a si lauschtert ëmmer no.

Et kann en och mat dëser Popp all séng Suerge mol fir eng Zäitchen op d'Säit leeën, andeems en der Popp alles verzielt an si dann eweg raumt zB owes virum Schlofegon an eng Këscht leeën an en Deckel dropman.

Well jo d'Buttiker lo all zou sinn an dir iech ke passend Material méi kënnt kafe gon, hunn ech Iech hei lauter verschidde Modeller erausgesicht an der Hoffnung, datt dir dat eent oder anert Material souwisou doheem hutt.

Vill Spaass beim «Erschafen» vun dëse perséinleche Wiesen,

déi ëmmer fir eis dosinn.

Carine KAYSER

Léierin am CDSE

# 1. Bengelpopp / Stabpopp

## Material:

Bengel, Zeitungspabeier, Krepp-Pech oder Scotch, Paap (Tapetenkleister), Schaumgummi, Stoff, Waasserfaarw, Pinsel






**Zeitungspabeier zu enger Bull knujhelen,**

mat Krepp-Pech emwéckelen an un de Bengel festpächen.

Wäisse Pabeier rappen an d'Schnëppelen mat Paap ronderem d'Pabeiersbull papen. 1 Dag drechne loossen.




**E grousse Rondel Stoff** erausschneiden, an d'Mëtt e Lach man an de Kapp mam Bengel drastiechen. Ënnert dem Rack e Stéck Schaumstoff un de Bengel upächen, dat sinn d'Schëlleren vun der Popp an da rutscht de Rack net erof.






**Hoer :** Woll ronderem e Buch weckelen, eng Sträif Stoff drënner leeën an des mat der Woll zesummebitzen, di aner Säit duerchschneiden an d'Sträif Stoff op de Kapp pächen. mat der Schéier Coiffeur spillen. Filzwoll get och an ass méi einfach a méi schnell.
**Kapp fierwen**, **Gesiicht opmolen**, **Oueren aus Moosgummi oppächen,**




weider Dekoratioun: Ketten, Knäpp, Hutt, Brëll, Äerm.....

## 2. Wuerzelmännercher - Mini Poppen aus Korkestëpp

Des Poppe kann e gutt dobaussen am Gaard oder am Bësch bei eng Bamwuerzel stellen an hinnen do e kléngt Heische man. Si kënne jo och vun dobaussen op eis oppassen.









## 3. Knisterpopp (Sabine Lohf – Das hab ich selbstgemacht)

**Material:**

Zeitungspabeier, Stoff, Bitznol, Ficelle oder Schouer, Knäpp

Dëse Petzi / Popp ass ganz einfach ze maachen - och fir kleng Kanner, a mecht mega Freed. Et gëtt e richtegen Dudu fir mat an d'Bett.





Zwei Knisterbären

Du brauchst:
1 weißes Stuck Stoff,
1 braunes Stuck Stoff,
Zeitungs- und Packpapier,
etwas Wolle, 4 Knöpfe,
1 Stoffband, Filzstifte

1. Lege den Stoff doppelt auf den Tisch und nahe ihn an der gestrichelten Linie zusammen



2. Du knullst Zeitungspapier zusammen und stopfst es in den Stoffschlauch hinein. Da, wo der Bauch sein soll, muß mehr Papier hinein
3. Du nahst den gefullten Baren oben und unten zu
4. Du bindest den Kopf mit einem Band ab
5. Aus Packpapier oder Zeitungspapier schneidest du Arme, Beine und Ohren aus und klebst sie an den Korper.

Zum Schluß nahst du die Knopfaugen an und malst den Mund auf

## 4. Strëmpemonster

**Material:** Strëmp, Knäpp, Woll ….

Bannen an de Fouss pecht een en ovale Kartong, de gëtt gediebelt, da kann e mat der Hand drafueren an esou de Mond op an zouman.







## 5. Klamerpoppen (Sabine Lohf)

Material: Klameren a Faarwen

Des Poppen kann en un eng Ficelle spanen zB ronderem d’Bett, fir datt si Nuets oppassen, wa mir gutt schlofen.



## 6. Mini Poppen an der Fixfeierskëscht (Sabine Lohf)

**Material:** eidel Fixfeierskëscht, klenge Steen, Woll, Plastilin…

Des Mini Popp wunnt an énger Fixfeierskëscht. Et kann en hir all seng Suergen an Ängschten verzielen, an dann d'Këscht zouman. Sou kënne mir eis Ängschten e Moment mat hir op d'Säit tesselen a rëm un aner Saachen denken.



## 7. Riseg - Kleng Suergepopp (Sabine Lohf)

**Material**: Becheren, Pärelen, Ficelle, Faarw

Mol sinn eis Ängschte risegrouss….. mol gi se nes méi kleng.






## 8. Hexentrape - Monster (Sabine Lohf)





## 9. Knäpp / Pärele - Marionnnett (Sabine Lohf)






## 10. Nach eppes fir ze spillen (Sabine Lohf)

E Suergeball man, den e ganz wäit eweg ka schéissen




E kléngt Monster fir anzespären

